# COMPTE RENDU DE LA COMMISSION DE LA JEUNESSE, DE L'ENFANCE ET DES INFRASTRUCTURES POUR JEUNES DU 28 FEVRIER 2022

**Présents :** Alex Donnersbach (co-président)
Jessie Thill (co-présidente)
Laurent Schanck
Noémie Ferron
Antonia Freiin von Ketelhodt
Carole Wesquet
Fernando Ricardo Baptista Barra
Edmée Schmit-Streff
Charles Majerus (reprɨs. Scouts)

**Excusé :** Marie Fritzsch
Vic Flesch
Laurent Diederich
Filip Flammang
Ben Jonas
Kimon Leners

1. **Reforme subsides élèves et étudiants**

Aktuell gëtt et an der Walfer Gemeng just ee Subside fir Studenten, wou et di éischt Kéier 500€ bezuelt ginn no dem erfollegräichen Ofschléisse vun 2 Joer Enseignement supérieur an dann nach eng Kéier 500€ beim Ofschloss vu sengem Diplom mat 5 Joer. Fir Schüler gëtt et bis elo kee Subside.

Co-Presidente proposéieren de System op folgend Aart a Weis ze reforméieren:

- All Schüler vun 18 Joer deen zu Walfer wunnt soll an der Zukunft en Interrail Ticket am Wäert vu 300€ kréie fir mam Zuch queesch duerch Europa ze fueren a soumat di verschidden europäesch Länner, Kulturen a Leit besser kënnen ze léieren. Dës Mesurë schreift sech an de Gedanke vun der europäescher Integratioun an a soll d'Walfer Jugend incitéieren op eng nohalteg Aart a Wéis dëst Europa mat senger verschidde Geschichten, Mënschen an Identitéiten ze entdecken a besser ze verstoen.

  All d'Schüler déi am Joer 2022 18 Joer kruten, sollen automateschen e Bréif kréie wou d'Gemeng si informéiert dat si esou ee Bong kënne kréien. D'Validitéit vum Bong soll opmannst 2 Joer sinn esou dat si Flexibilitéit hunn wéini si déi Rees wëlle plangen, zum Beispill nodeems si hir Première gepackt hunn respektiv am éischte Joer Uni.

- De System fir d'Studente soll ëmgeännert ginn esou dat Studenten zu Walfer all Joers wärend 5 Joer e Subside vu 200€ ka kréien amplaz zweemol 500€ nom zweeten a fënnefte Joer. Esou kann de Student all Joers fir den Summer e kleng Täschegeld kréie wann hien säi Joer gepackt huet. Fir déi administrativ Verifikatioun ze vereinfachen, soll den néie System mam CEDIES verbonne ginn, esou dat eis Administratioun nëmme muss kontrolléieren op de Student dëst Joer de CEDIES krut oder net.

Fir den Interrail Projet em ze sëtzen, wär Propose dem Schäfferot virzeschloen am nächste Budget e spezielle Poste vun ongeféiert 20.000 bis 25 000€ virzegesinn.

Administration communale de Walferdange / boîte postale 1 / L-7201 Walferdange
t. 33 01 44-1 / f. 33 30 60 / secretariat@walfer.lu / www.walfer.lu

Dëst géing eng Verdueblung vum aktuelle Budget bedeiten, mee no 2 Joer Pandemie sinn Co-Présidenten iwwerzeegt dat di Jonk et verdéngt hunn dat och a si souwéi an de kulturellen Austausch an Europa investéiert gëtt.

No engem fräien Austausch ass d'Iddi unanime ugeholl ginn a Co-Presidenten hunn festgehalen dat si géife CFL kontaktéiere fir déi technesch Detailer mat hinnen eng Kéier duerchzekucken.

## Concept Maison Weicherding

D'Gemeng huet zwee Haiser am Zentrum vu Walfer kaf an ee vun deenen zwee Haiser géif sech dozou eegnen e Wunnprojet fir Jonker ze maachen (Maison Weicherding).

Et gouf eng Diskussioun doriwwer ewéi esou ee Projet kënnt ausgesinn, un wien en sech géif adresséieren a wat fir Krittären si erfëlle missten.

Als Inspiratioun gouf notamment de Projet mat Colocatioun zu Mondorf evoquéiert: https://lequotidien.lu/a-la-une/une-colocation-dun-genre-nouveau-a-mondorf/

No enger fräier Diskussioun gouf éischt ugeduecht:

- De Projet soll sech adresséieren un Jonker déi nach an der Schoul sinn, studéieren, an engem Apprentissage sinn oder grad ugefaangen hunn mat schaffen;
- Den Alter soll tëschent 18 a 28 Joer sinn;
- Prioritéit soll op Walfer Jonker geluecht ginn an dono gëtt d'Situatioun sociale gekuckt;
- Et muss hinne méiglech sinn e gewëssen % vun hiren Paien op d'Säit ze leeë fir kënnen herno eegestänneg ze bestoen;
- Et soll eng indexéiert Limite gi wat de Colocataire maximal verdéngen däerf;
- Et soll e reegelméissegen Suivi gemaach ginn & mat enger Reevaluatioun vum Projet personnel/professionnel vun de Colocatairen.

Et ass festgehale ginn, dat nach weider un de Krittäre geschafft muss ginn wann de Projet méi konkret gëtt. Eventuell soll d'Haus och temporär genotzt ginn fir ukrainesch Flüchtlingen ënner ze bréngen, wouduerch dëse Projet net direkt realiséiert kënnt ginn.

D'Kommissiouns Memberen hunn duerno eng Visitt vum Haus Weicherding gemaach fir sech d'Haus eng Kéier selwer unzekucken wou de Projet soll era kommen.

Alex Donnersbach — Co-président

Jessie Thill — Co-présidente

Administration communale de Walferdange / boîte postale 1 / L-7201 Walferdange
t. 33 01 44-1 / f. 33 30 60 / secretariat@walfer.lu / www.walfer.lu